PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
14 JUIN 2019
790

Lëtzebuerg, den 14/06/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen, Aussenugeleeënheeten an Europa & Kommunikatioun a Medien weiderzeleeden.

D'Agence *Luxembourg for Finance (LFF)* huet lescht Woch ee Werbevideo veröffentlecht an dem d'Liewen an d'Schaffen op der Finanzplaz Lëtzebuerg promouvéiert gëtt. Ënnert dem Hashtag *#MoveToLux* weist de Video eng Wealth-Managerin, déi mat engem 4x4 SUV duerch d'Bëscher rennt an dono op der Marie-Astrid bei engem Pättche Wäin verzielt, wéi flott d'Liewen zu Lëtzebuerg, bzw. am Finanzsecteur, ass. De Koalitiounsaccord priedegt Nohaltegkeet, sozial Kohäsioun an eng responsabel Finanzpolitik.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- 1. Wat sinn, an der Regierung hiren Aen, d'Kärmessagen vun dësem Werbevideo? Ass d'Regierung der Meenung, dass dëse Promotiounsvideo de Grondwäerter vum Koalitiounsaccord Rechnung dréit? Falls jo, ënner wéi enger Form?
- 2. Dovunner ausgoend, dass de Staat um LFF bedeelegt ass - wéi een Afloss hat d'Regierung op de Contenu vun dësem Promotiounsvideo? Verdeedegt d'Regierung d'Aart a Weis wéi Lëtzebuerg an dësem Werbevideo duergestallt gëtt?
- 3. Ass de Promotiounsvideo vum LFF zesumme mam "*Comité de coordination Inspiring Luxembourg*" ausgeschafft ginn? Ass de Message kompatibel mat der Strategie vum "Nation Branding" an?
- 4. Ass d'Regierung der Meenung, datt een am Hibléck op déi vum Koalitiounsaccord gepriedegt Wäerter zousätzlech misst méi Bescheidenheet a Responsabilitéit als Kärthemen an esou Werbecampagnë integréieren?
- 5. Wei gesäit fir d'Regierung eng responsabel a nohalteg Promotiounspolitik vun der Finanzplaatz Lëtzebuerg aus?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
02 JUIL. 2019

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 LUXEMBOURG

Référence : 82cxbc3e8

Luxembourg, le 1er juillet 2019

Concerne : Question parlementaire n° 790 du 14 juin 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant la publicité de l'agence Luxembourg for Finance

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA

3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg
Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625
Adresse postale:
L-2931 Luxembourg
ministere-finances@fi.etat.lu
www.etat.lu

144-000003-20040535-FR

Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Pierre Gramegna, vum Aussen- an Europaminister, Jean Asselborn, an vum Kommunikatiouns- a Medieminister, Xavier Bettel, op d'parlamentaresch Ufro N°790 vum 14. Juni 2019 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen betreffend d'Reklamm vun der Agence Luxembourg for Finance

D'Agence Luxembourg for Finance (LFF) huet de Statut vun engem "Groupement d'intérêt économique" (GIE) als Partenariat tëscht dem Privatsecteur an dem Staat. Déi grouss strategesch Linne gi vun de Partner am GIE fest geluecht, mee dat operationellt Geschäft an d'Ëmsetze vun Aktiounen a Campagne sinn d'Responsabilitéit vun der Agence.

LFF ass 2008 gegrënnt gi mat der Missioun déi positiv Entwécklung vum Finanzsecteur weider ze bréngen a nei Créneaue fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg ze identifizéieren. D'Agence huet doriwwer eraus d'Aufgab ee vun deene wichtegste Secteuren an eiser Ekonomie international bekannt ze maachen an och d'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg vir potentiell Investisseuren an hir Employéen ze promovéieren.

Et ass deemno eng Agence mat enger kloer formuléierter Missioun, déi sech op de Finanzsecteur konzentréiert.

Iwwer d'Finanzplaz eraus, ass d'Diversifikatioun an d'Entwécklung vun der lëtzebuerger Wirtschaft eng Prioritéit fir d'Regierung. Fir kënnen nohalteg a qualitativ ze wuessen, brauchen d'Betriber genuch qualifizéiert Mataarbechter. Am Koalitiounsaccord ass dofir och, ënner anerem, d'Ausschaffe vun enger nationaler Strategie fir Talenter op Lëtzebuerg ze zéie virgesinn.

An deem Sënn ass d'Initiative vun LFF fir Videoen iwwer d'Finanzplaz ze produzéieren, déi och d'Liewen zu Lëtzebuerg beschreiwen an sech un en Public ausserhalb vu Lëtzebuerg adresséieren, en ligne mat dëser Strategie vun der Regierung. An deem Kontext hat d'Agence och schonn d'lescht Joer eng Campagne vun 10 Videoe lancéiert déi verschidde Professioneller vun der Finanzplaz weisen déi hirer Passioun zu Lëtzebuerg oder an der Groussregioun noginn, an hiert Liewen zu Lëtzebuerg beschreiwen. D'Vertrieder vum Staat an dem Privatsecteur am GIE hunn béid Initiativen als Gesamtcampagnen ënnerstëtzt.